ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Tratten, den 20. Mee 2021

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Landwirtschaftsminister an un den Här Transportminister weiderzeleeden.

Persounen, déi am landwirtschaftleche Beräich schaffen, kréien neierdéngs keng schrëftlech Erënnerung méi, wann d'"Vignette de conformité" vun hirem landwirtschaftleche Gefier ofgelaf ass. D'SNCA huet an deem Kader ënnerstrach, datt de Besëtzer vum Gefier eleng dofir responsabel ass, datt säi Gefier uerdnungsgemäss ugemellt ass. D'Bauerenzentral huet sech iwwerdeems driwwer beschwéiert, datt d'SNCA dës Gefierer ouni Récksprooch mam Besëtzer einfach ofmelle kann. Dacks weess de Besëtzer an deem Fall net emol, datt d'Gefier ofgemellt ass a wann hien dëst weider notzt, kann dëst zu grave Konsequenze féieren. An der Zeitung "De Lëtzebuerger Bauer" heescht et iwwerdeems, datt mat e bëssche guddem Wëlle sécherlech eng besser Léisung ze fanne wier.

An deem Kontext hätt ech folgend Froen un d'Regierung:

1. Wéi erkläert sech d'Decisioun vun der SNCA, déi Betraffen net méi ze informéieren, wann d'"Vignette de conformité" vun hirem landwirtschaftleche Gefier ofgelaf ass? Waren den Här Landwirtschaftsminister an/oder den Här Transportminister un dëser Decisioun bedeelegt?
2. Ass sech d'Regierung der Gefor fir Persounen aus dem landwirtschaftleche Secteur bewosst, wann dës onbewosst weider hiert Gefier benotzen, wat eigentlech schonn ofgemellt ass?
3. Gedenkt d'Regierung dës Dispositioun nees ze iwwerdenken, respektiv, réckgängeg ze maachen?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten